02|2020

# REWA NEWS




CIPA-SANEM.LU

GEMENG SUESSEM

CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP

## EDITORIAL

- Georges Engel

## RÉCKBLÉCK

- Gebuertsdagsfeier
- Fuesmatinée
- Gedenkfeier

## AKTUELLES

- Coronavirus COVID-19 Informations et directives
- Unsere Küche in Coronazeiten
- Am Kaschthaus
- WhatsApp & Skype
- Merci un all Eenzelen
- Aktivitéiten am CIPA Rewa
- Visitten am CIPA Rewa

## AGENDA

## VERSCHIDDENES

- Formatioun
- Buchvirstellung
- Et hunn eis verlooss
- Nei Mataarbechter


# IMPRESSUM

ZEITUNG VUM: CIPA Résidence Op der Waassertrap
REDAKTIOUN: Residenten, Tamara Abate
(Educatrices diplômées/Animatioun)
LAYOUT: Tamara Abate
VERBESSERUNG: Service des Relations publiques et de la Culture
FOTOEN: Personal vun der Equipe Animatioun a Marie-Paule Muller
DROCK: Am CIPA Résidence Op der Waassertrap
ADRESS: Résidence Waassertrap | L-4408 Belvaux
TEL.: +352 59 49 40 - 1
KONTO: Kontosnummer fir en Don
LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE.
INTERNET SITE: www.cipa-sanem.lu

# EDITORIAL



Léif Leit,

No 15 Joer un der Spëtzt vun der Suessemer Gemeng hunn ech decidéiert, mäi Posten am Gemengerot a meng Funktioun als Buergermeeschter opzeginn. 15 Joer laang hunn ech mech mat all menger Energie fir eis Bierger an eis Gemeng agesat a probéiert eis Gemeng esou gutt wéi méiglech ze moderniséieren an se fit ze maache fir d'Zukunft.
Ganz vill gouf investéiert, an Infrastrukturen an a Servicer, déi all eise Bierger ze gutt kommen.

Ech si ganz houfreg, dass mer an deene Joren e fonkelneit Altersheim baue konnten, wat als eent vun de schéinsten am Land gëllt a wou de Service exemplaresch gutt ass. Mam Marco Goelhausen hu mär et fäerdeg bruecht, dass mär als eenzeg Gemeng een Altersheim hunn, wat exklusiv vun der Gemeng geféiert gëtt an deemno net privatiséiert ginn ass. Domadder hu mär dofir gesuergt, dass mär och haut nach wäit ënnert dem Pensiounspräis vun aneren Haiser leien an dat kënnt virun allem eise Leit aus der Gemeng zegutt. Eist Haus gëtt ganz vill gelueft a mär sinn houfreg drop.

An deene 15 Joer huet eis Gemeng ganz vill evoluéiert. Ronn 3.500 Leit sinn zousätzlech bei eis wunne komm an elo si mer zu 17.600 Bierger an eiser Gemeng. Ronn 630 Leit schaffe bei eis a setzen sech all Dag a fir d'Wuel vun eise Leit.

Ech soe jidderengem e grousse Merci dee mech op mengem Wee begleet huet a wënschen eis all, dass mär des schwiereg Zäit an där mär aktuell alleguer liewen, gesond a mat deem néidege Courage packen.

Ech war ganz gär äre Buergermeeschter an et war mer eng grouss Éier, des Gemeng 15 Joer laang mat ze gestalten. Elo setzen ech mech op nationalem Niveau fir eis Gemeng, fir de ganze Süden a fir eist ganzt Land an.
Ech sinn iwwerzeegt, dass meng Nofollgerin, d'Simone Asselborn-Bintz deen ageschloene Wee wäert exzellent weiderféieren an ech wënschen him eng glécklech Hand a sengem Entscheedungen.

Quoique vous fassiez, faites le bien.

Georges Engel
Äre Buergermeeschter

# GEBUERTSDAGSFEIER







Déi éischt Gebuertsdagsfeier vum Joer 2020 hat groussen Erfolleg. D'Bewunner, déi an deene leschte 6 Méint Gebuertsdag haten, si geéiert ginn. Vu 55 bis 95 Joer war all Alter vertrueden. D'Gebuertsdagskanner kruten e Kaddo iwwerreecht a bei Kaffi a Kuch hunn si mat hire Familljen a Frënn e flotten Nomëtteg verbruecht. Fir gutt Stëmmung huet d'Lisa Mariotto gesuergt.

# FUESMATINÉE



D'Fuesmatinée am CIPA Rewa an Zesummenaarbecht mat de Senioren aus der Gemeng Suessem ass ëmmer gutt besicht. Berliner, Nonnefaschten a Verwurrelter goufe verkaf. Den Erléis ass un den Télévie gespent ginn.

# GEDENKFEIER









De 7. Februar 2020 war eis alljärlech Gedenkfeier zu Éiere vun eise Matbewunner, déi eis am Laf vum Joer 2019 verlooss hunn. Vill Familljen hu nach eemol de Wee an onse CIPA fonnt. Am Numm vun der Direktioun huet den Här Wahl de Famillje Merci fir hier Präsenz gesot an huet dono iwwert déi palliativ Aarbecht am CIPA geschwat. E grousse Merci gouf et och fir déi sälleche Spenden. Den Här Wahl huet och erkläert firwat déi Sue genotzt ginn. Am Hannergrond si Fotoe vun deene Verstuerwene gewise ginn an déi eng oder aner Foto huet deem een oder aneren e Laachen an d'Gesiicht gezaubert.
Ewéi all Joers huet de CIPA eng Keramikbull mat den Nimm vun de Verstuerwene kreéiert. Dës Bull steet an eisem Gaart an d'Symbolik vun der Bull steet dofir, dass mir déi Verstuerwen ëmmer bei eis droen an a gudder Erënnerung behalen.

D'Fotoe an der Rubrik „Réckbléck" goufe virum État de crise opgeholl.

# CORONAVIRUS COVID-19
# INFORMATIONS ET DIRECTIVES

## COMMENT SE PROTÉGER ?

Lavez-vous régulièrement et correctement les mains à l'eau et au savon.

Toussez ou éternuez dans le pli du coude ou un mouchoir en papier.

Evitez de serrer des mains ou de faire la bise.

Evitez de toucher votre visage avec vos mains.

2m

Evitez les contacts proches avec les personnes malades.

En cas de maladie restez à la maison, n'allez pas au travail ou à l'école.

## QUELS SONT LES SYMPTOMES ?

37,5°

Les symptômes ressemblent à ceux de la grippe.
La maladie reste bénigne pour la majorité des gens.

## COMMENT LE VIRUS SE PROPAGE-T-IL ?

Le port d'un masque normal ne vous protège pas contre les virus.

Le virus se propage par le biais de gouttelettes respiratoires expulsées lorsqu'on tousse ou éternue.


**POUR SE RENSEIGNER :**
**📞 8002 - 8080**

**EN CAS D'URGENCE :**
**112**

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
Direction de la santé

Sante.lu

Propper Hänn
Sécher Hänn



# UNSERE KÜCHE IN CORONAZEITEN

Wie das gesamte Personal im CIPA Rewa, befindet sich in Coronazeiten auch das Küchenpersonal im Ausnahmezustand. Von den 20 Leuten, die bei mir in der Küche arbeiten, sind 3 Personen familienbedingt freigestellt. Ein Teil der Köche wurde in den Urlaub geschickt, um genug Reserven zu haben, falls Leute krankheitsbedingt ausfallen würden. Beim geringsten Krankheitsverdacht, wird die Person so lange von der Arbeit freigestellt, bis der Befund negativ ist. Ein besonderer Dank geht auch an die Köche aus der Maison Relais, welche unser Team momentan verstärken. Auch die Desinfektionsmaßnahmen wurden nochmals verstärkt, so dass die Küche nun jeden Nachmittag komplett desinfiziert wird. Das Personal trägt zudem Schutzmasken und Latexhandschuhe. Wir haben auch bei Frischwaren zurzeit etliche Lieferengpässe und wir möchten Sie bitten diese zu entschuldigen. Auch unsere Lieferanten machen im Moment schwere Zeiten durch. Wir haben das 3 Menü für den Moment abgesetzt. Beim Essen auf Rädern konnten wir in den ersten 3 Tagen der Nachfrage nicht gerecht werden, da wir nicht über genügend Verpackungsmaterial verfügten und unsere Lieferfahrzeuge zu klein waren. Von 65-70 Essen am Tag stieg die Nachfrage auf über 105 Essen. Aber wir haben dieses Problem im Zusammenspiel mit unserem Direktor, dem Küchenpersonal, der Ressortschöffin Simone Asselborn-Bintz sowie Mitarbeitern der Gemeinde Sanem gelöst.
Ich wünsche mir jedenfalls, dass wir diese schwierige Zeit zusammen meistern werden und dass Sie vor allem gesund bleiben.

Weiler Daniel

# AM KASCHTHAUS

Eng éischt Phase aus dem Confinement ass virbereet ginn. Den 13. Mee 2020 goung de Restaurant erëm fir eis Bewunner op. Fir déi ganz Situatioun lues a lues unzegoen, goung de Restaurant mol fir eng éischt Etapp an der Mëttesstonn op. D'Dëscher si mat deenen néidege Sécherheetsofstänn agedeelt ginn an et sëtzen allkéiers zwee Bewunner mam néidegen Ofstand zoueneen. Well d'Cafeteria momentan nach zou ass, kënnen d'Bewunner en Aperitif „Am Kaschthaus" zerwéiert kréien. Déi éischt Woch kruten d'Bewunner ee Menü offréiert an d'Woch drop Mëttwochs kruten si zwee Menü'er zur Auswiel gestallt.
Déi zweet Woch war de Restaurant och mueres op wou d'Bewunner hiert d'Mueresiessen zerwéiert kruten. An enger drëtter Phase huet de Restaurant och owes seng Diere fir eis Bewunner opgemaach. Lues a sécher erméigleche mir als CIPA eise Bewunner e Liewen zeréck an d'Normalitéit.

Nicoletti Nathalie

# WHATSAPP & SKYPE

Eis Bewunner hunn an der Covid-19 Zäit nei Erfarunge mat der moderner Technik gemaach. Si hunn d'Méiglechkeet kritt fir via WhatsApp a Skype mat hire Familljen a Kontakt ze sinn. Et ass eng schéi Geleeënheet sech virtuell ze gesinn a mat senge Leit kënnen ze kommunizéieren. Et gëtt vum Alldag geschwat, Neiegkeete gi verzielt, et gëtt gelaacht an et ass och emol déi eng oder aner Tréin gefloss.













# MERCI UN ALL EENZELEN



# AKTIVITÉITEN AM CIPA REWA

Och an der COVID-19 Zäit si mir fir eis Bewunner do. Kleng Aktivitéiten oder individuell Gespréicher um Zëmmer ginn ugebueden. Bei guddem Wieder gi mir an eise Gaart spadséieren a profitéiere vum gudde Wieder. Zesumme si mir staark a mir meeschteren dës Situatioun als CIPA zesummen.



# VISITTEN AM CIPA REWA

Säit dem 6. Mee 2020 kënnen d'Bewunner hir Familljen erëm gesinn. Déi néideg Hygiènes- a Sécherheetsmoossname gi respektéiert an agehalen. Fir eng Visitt ze plange kënnen d'Familljen an der Receptioun um 59 49 40-1 e Rendezvous ausmaachen, vu méindes bis freides tëscht 8.30 a 16. 00 Auer. D'Visitte sinn an der Brasserie. Den Dag vun der Visitt kréien d'Familljen d'Temperatur geholl, d'Hänn ginn desinfizéiert an eng Decharge gëtt ënnerschriwwen. De Mondschutz muss och wärend der Visitt gedroe ginn. 30 Minutte kënnt Dir Iech mat äre Léifsten austauschen. No all Visitt ginn d'Still an d'Dëscher desinfizéiert.

Fir eis Bewunner aus dem UPG stinn hannen am Gaart zwee Zelter. De Prinzip verleeft d'selwecht. Den Dag vun der Visitt kënnen d'Familljen an de Gaart vum UPG goen, wou si dann empfaange ginn.

Déi éischt Visitte si mat vill Freed, Laachen a Gléckstréine verlaf.









# AGENDA

Mir kënnen eis nächst Fester nach net matdeelen.


Mir bleiwen a Kontakt mat lech.
Rufft eis via WhatsApp a Skype un.

Dir kënnt lech bei der Animatioun ënnert der folgender Nummer mellen
594940-7701


# FORMATIOUN

D'Lynn an d'Nathalie aus dem Service Animatioun hunn un enger flotter Formatioun zum Thema „Malen in der Aktivierung von Menschen mit Demenz" zu Ierpeldeng „Beim Goldknapp" deelgeholl. An dëser Formatioun kruten d'Mataarbechter vermëttelt, wéi eng Méiglechkeeten d'Molen an der Aktivéierung vu Mënsche mat enger Demenz ubitt. Et léiert een eng Auswiel u Materialien an hir Asazméiglechkeete kennen. Et ass eng flott an einfach Aart a Weis eis Bewunner mat enger Demenz z'aktivéieren. D'Lynn an d'Nathalie hu schéi Biller zesumme mat eise Bewunner aus dem UPG gemoolt. Dir kënnt iech d'Biller och um 1.Stack vum CIPA Rewa ukucke kommen.









# BUCHVIRSTELLUNG

Jhemp Hoscheit: **Klangfaarwen**
(Edition Guy Binsfeld)

Dëst Buch ass net nëmme fir ze liesen, et ass och e Genoss fir d'Oueren.

Schonn als klengt Kand, hu Geräischer dem Michel Sicher Angscht gemaach. Mä mat der Zäit huet hien ugefaangen se ze sammelen, et si seng Frënn, wann net souguer seng Verbündet, ginn. D'Geräischer hunn en ni am Stach gelooss, am Géigesaz zu de Mënschen.




Elo, als erwuessene Mann, huet hien déi néideg Distanz fir verschidden Erliefnisser nach eemol Revue passéieren ze loossen. Seng Geschicht beréiert ee ganz vill. De Michel ass elo op der Sich no Äntwerten, d'Rätsel ëm seng Kandheet a säi Papp muss endlech geléist ginn, soss fënnt hien keng Rou. Schrëtt fir Schrëtt kënnt hien der Léisung méi no, seng al Frënn d'Geräischer spillen dobäi eng wichteg Roll.

D'Erzielung vum Här Hoscheit ass esou intensiv, dass d'Geschicht u sech scho bal zur Niewesaach gëtt. All Wuert, all Geräisch, all Erënnerung ass esou genau beschriwwen, dass een d'Biller, a souguer d'Geräischer ganz genee viru sech huet. Ganz grousse Kino, dat ass ee Genoss.

Héiert et selwer!

# ET HUNN EIS VERLOOSS

| | |
|---|---|
| Mme Jodocy-Hammer Lucie | + 05/02/2020<br>AM ALTER VUN 93 JOER |
| Mme Blasi-Paganucci Pina | + 15/02/2020<br>AM ALTER VU 74 JOER |
| Mme Hentges-Reuter<br>Maria Elisabeth | + 23/02/2020<br>AM ALTER VU 87 JOER |
| Mme Casali-Rohler Marguerithe | + 18/03/2020<br>AM ALTER VU 95 JOER |
| Mme Hausemer-Schaefer Catherine | + 29/03/2020<br>AM ALTER VUN 92 JOER |
| Mme Marx-Brassine Catherine | + 14/04/2020<br>AM ALTER VU 96 JOER |
| Mme Feller-Bertemes Irma | + 19/04/2020<br>AM ALTER VUN 88 JOER |
| Mr Ceccotto Raymond | + 23/04/2020<br>AM ALTER VUN 89 JOER |
| Mme Loesch-Brosius Maria | + 30/04/2020<br>AM ALTER VU 95 JOER |
| Mr Rauchs Roger | + 09/05/2020<br>AM ALTER VUN 80 JOER |
| Mme Kayser-Mangen Marie-Josée | + 16/05/2020<br>AM ALTER VU 86 JOER |
| Mr Lanners Robert | + 23/05/2020<br>AM ALTER VUN 92 JOER |
| Mme Goelhausen-Moecher Leonie | + 04/06/2020<br>AM ALTER VU 86 JOER |
| Mme Verfaillie-BoeLens Marguerite | + 05/06/2020<br>AM ALTER VU 94 JOER |

## WËLLKOMM EISEN NEIE MATAARBECHTER
## BIENVENUE AUX NOUVEAUX COLLABORATEURS 2020

| **Nom** | **Prénom** | **Date d'entrée** | **Service** |
|---|---|---|---|
| MUJANOVIC | Sabina | 16.01.2020 | Assistance & Soins BF2 |
| MAES | Barbara | 16.01.2020 | Service thérapeutique |
| ALEIXO LIMA | Miriam | 01.02.2020 | Service ménage |
| WAMPACH | Mireille | 01.02.2020 | Assistance & Soins BF2 |
| LEITE BATISTA | José | 01.02.2020 | Accueil & Hébergement |
| CORTES | Yessica | 01.05.2020 | Assistance & Soins BF2 |
| TEIXEIRA | Marilène | 16.05.2020 | Assistance & Soins BF1 |
| ENGEL | Julie | 01.06.2020 | Service social & thérapeutique |
| MOTTET | Loriane | 01.06.2020 | Service social & thérapeutique |
| KLEINSCHMIDT | Carole | 01.06.2020 | Accueil & Hébergement |

© 2020
CIPA Résidence Op Der Waassertrap
L-4408 Belvaux
TEL. +352 59 49 40 - 1
www.cipa-sanem.lu